N°1106
Entrée le 16.09.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°1106 vum 14. August 2024 vun den honorabelen Députéierten Fred Keup an Tom Weidig zum Sujet "Statistiques policières"**

Ech beäntwerten des Fro als Inneminister deen ënner anerem zoustänneg ass fir bannenzeg Secherheet.

D'Policestatistiken, déi ech dëst d'lescht Joer fir d'éischt presentéiert hunn, sinn d'selwecht opgebaut wéi d'Policestatistiken déi meng Virgänger déi Jore virdru presentéiert hunn. Well d'Fro sech méi spezifesch ob kierperlech Gewalt a Vergewaltegunge bezitt, wëll ech ervirhiewen dass an de Statistike vun 2023, d'Catégorien "meurtres/assassinats", "coups et blessures volontaires" "viol ou attentat à la pudeur" opgelëscht sinn, grad wéi déi lescht Joren an de Policestatistiken.

D'Police stellt des Statistiken mëttels automatiséierte Recherchen op. D'Datebanke vun der Police sinn deemno esou configuréiert, dass si Donnéeën zu ëmmer deene selwechte Krittäre liwweren. Esou sinn d' Resultater ëmmer d'selwecht opgebaut, novollzéibar an vergläichbar.
Spezifesch am Beräich vu sexueller Gewalt sinn zu Lëtzebuerg méi Akteure bedeelegt, déi reegelméisseg an hirem Expertiseberäich Zuelen an Statistiken veröffentlechen, notamment de Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit an Zesummenaarbecht mat der Zivilgesellschaft.

Wann ech d'Uleies vun den honorabelen Deputéierten richteg deiten, geet et hei eigentlech an virun allem em d' Nationalitéit an d'Mise en place vun engem "Täterregister" op Basis vun der Nationalitéit, an em den "Residenzstatus" an "Openthaltstsatus" vun den "Täter".

Des Fro ass jo éischter eng populistesch Fro.

Ech hat scho virun e puer Méint dem honorabelen Deputéierte Fred Keup a menger Äntwert op d'Fro n°833 erklärt, dass d'Police keng Statistiken iwwert Nationalitéiten féiert. <u>D'Police féiert och keng Statistiken iwwert de Residenz-oder Openthaltstatus vu presuméierten Täter.</u>

D'Preventiounsaarbecht vun der Police baséiert op der Analyse vun de Phenomener vun der Kriminalitéit an op dem Virgoe vun den Täter, och "Modus Operandi" genannt, a versicht d'Bevëlkerung ze sensibiliséieren an ze beroden, fir ze vermeiden, dat se Affer vu Strofdote gëtt. Et gëtt keen Ënnerscheed tëscht den Nationalitéiten, Reliounen an Originne vun den Täter gemaach.

Och d'Fro vun den honorabelen Deputéierten, ob d'Regierung der Meenung ass, datt d'Bierger e Recht hätt op Informatioune betreffend d'Nationalitéit, d'Originne wéi och den Openthaltsstatus vun den Täter ass pure Populismus.

De Bierger huet e Recht op Sécherheet. Dat ass d'Haaptmissioun vun der Police, déi si dagdeeglech fir de Bierger assuréiert. Doriwwer eraus informéiert d'Police daagdechlech an hierem Bulletin de Presse iwwer Strofdoten.

Des Regierung huet sech engagéiert dofir ze suergen, dass mir eng modern, effektiv a gutt equipéiert Police hunn an huet scho konkret Moossnamen an deem Sënn geholl, wéi zum Beispill de massiven Recrutement. Ausserdem ass  ee Projet de loi an der Chamber deposéiert gin fir de Platzverweis renforcé anzeféieren.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Lëtzebuerg, den 16. September 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN